ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De Bau vun der Vëlospist tëschent Ëlwen a Clierf verleeft zu engem groussen Deel laanscht déi entspriechend Eisebunnsstreck. Fir d'Baustell an den Zuchtrafic ofzesécheren, goufen déi zwee duerch en Drot vunenee getrennt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen iwwert wéi eng Gesamtlängt déi genannt Ofspärung sech erstreckt?
2) Kann d'Regierung matdeelen ob an op wéi eng Manéier dem Wëldwiessel bei der Installatioun vun dësem Drot Rechnung gedroe gouf? Falls keng separat Moossname fir de Schutz vum Wëldwiessel virgesi wieren, kann d'Regierung da matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten